Réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères à la question parlementaire n° 1417 posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser

1. Mat wéi enger zousatzlecher finanzieller Belaaschtung fir de Staatsbudget rechent d'Regierung fir 2015 an 2016?

D'Krediter fir d'Prise en charge fir «demandeurs de protection internationale » konzentréieren sech op den Staatsministère, den Familljeministère, d'Affaires étrangères an den Ministère de l'Education nationale.

Beim Staatsministère ginn eng Partie Frais'en iwwerholl vum Haut Commissariat à la Protection nationale. Beim Familljeministère sinn et Käschten haaptsächlech vum OLAI an bei der Education nationale am Zesummenhang mat den Classes d'accueil, Médiateurs, asw...

Am Total ass déi aktuell Estimatioun vun den Frais'en 2015 27 Milliounen ongeféier an fir 2016 op Basis vun deenen aktuellen Hypotheesen 45 Milliounen Euro.

2. Mat wéi enger finanzieller Belaaschtung mussen d'Gemenge rechnen?

Wat den Accueil a d'Prise en charge vun den « demandeurs de protection internationale » ubelaangt, léit d'Verantwortung ganz beim Staat, op d'Gemengen kënnt do keng finanziell Belaaschtung duer.

3. Wat wëll d'Regierung maachen, fir den „Asyltourismus" (Nicolas Schmit) vu verschiddene Leit, virun allem aus de Balkanlanner, definitiv ze stoppen? Denkt d'Regierung drun, nees eng Visaflicht fir d'Balkanlanner anzeféieren?

Als éischt mol ass wichteg ze rappeléieren, dat d'Conventioun de Genève virgesäit, dat all Mënsch d'Recht huet eng Demande ob Asyl ze stellen. Laut dem Asylgesetz vun 2006 gëllen d'Demanden dann als irrecevabel, déi vun enger Persoun aus engem aneren EU-Land gestallt ginn.

D'Léit, déi aus Länner vum westlechen Balkan kommen, hunn also och ee Recht drop eng Asyldemande ze stellen. D'Länner aus där Regioun gëllen allerdéngs bei eis als „Pays d'origine sûrs". Dowéinst kënnen d'Asyldemanden vun deenen Léit an enger sougenannter „Procédure accélérée" traitéiert ginn. Déi allermeescht Asyldemanden vun Léit aus deenen Länner gi refuséiert.

D'Zuelen vun den Asyldemandeuren weisen, dat et de Moment däitlech manner Asyldemandeuren aus där Regioun ginn wéi nach an den Joren 2011 an 2012.

Vun deenen, déi de Moment aus där Regioun kommen, sinn déi meescht aus dem Kosovo. Hei stellt sech d'Fro vun enger Neesaféierung vun der Visapflicht net, well d'Léit aus deem Land nach ëmmer enger Visapflicht ennerléien.

Fir déi aner Länner, déi eng Visafräiheet hunn, besteet d'Méiglechkeet vun enger Neesaféierung vun der Visapflicht. Sou eng Décisioun misst allerdéngs ob europäeschem Niveau geholl ginn, well dat net an déi national Kompetenzen vun den Memberstaten fält. De Moment gëtt et awer keng Propositiounen an déi Richtung.

4. Wéi wëll d'Regierung géint déi Leit virgoen, déi kuerzfristeg an illégal op Lëtzebuerg zréckkommen, nodem si fraiwëlieg oder onfraiwëlleg no enger fir si negativer Asylprozedur rapatriéiert goufen?

Léit, déi am Kader vun engem forcéierten Retour rapatriéiert goufen, ginn an den SIS (Schengen Information System) ageschriwwen, an si ennerléien enger „Interdiction d'entrée sur le territoire". Dat bedéit, dat déi Léit net méi kennen legal an den Schengenraum areesen, an och net méi däerfen ob Lëtzebuerg kommen. Léit, déi trotz enger „Interdiction d'entrée sur le territoire" nees ob Lëtzebuerg kommen, kënnen expulséiert ginn.

Bei engem fräiwëllegem Retour gëtt keng „Interdiction d'entrée sur le territoire" geholl, an déi Léit ginn och net an den „SIS" ageschriwwen. Wann si nees ob Lëtzebuerg zeréckkommen, an illegal hei sinn, dann gëllen fir si déi selwecht Regelen wéi fir déi aner Léit, déi illegal um Territoire sinn an et ginn all déi néideg Demarchen gemaach en vue vun engem Rapatriement.

5. Wëll d'Regierung weider Lanner op d'Lëscht vun de "pays sûrs" setzen? Wa jo wéi eng a wéini?

Eng méiglech Ausweidung vun der Lescht vun den sécheren Heemechtslänner kéint et am Kontext vun der Propositioun vun der Europäescher Kommissioun iwwert eng europäesch Lescht vun „pays d'origine sûrs" ginn. Hei bleift allerdéngs ofzewaarden, wéi d'Diskussiounen ob europäeschen Niveau weiderginn.

Ze betounen ass allerdéngs dat d'Lescht vun den „pays d'origine sûrs" keng exhaustive Lescht vun sécheren Länner ass. Sou stinn zum Beispill vill westlech Länner net drop. Sollt also een Land net drop stoen, dann heescht dat net automatesch, dat dat Land net sécher wär.

6. Wéi eng Moossnamen ginn op nationalem Plang géint Passeuren a Schleiser geholl, virun allem géint déi, déi Leit aus de Balkanlanner op Lëtzebuerg brëngen?

Als éischt mol wär ze rappeléieren, dat all d'Balkanstaaten, ausser den Kosovo, een Regime vun Visafreiheet hunn. Dat heescht, dat Léit aus deenen Länner, kee Visa brauchen fir an den Schengenraum anzereesen, an, ënnert den Konditiounen, déi am Schengen-Code virgesin sinn, kënnen 3 Méint legal am Schengenraum bleiwen. D'Fro vun den Passeuren an Schleiser stellt sech also net fir d'Léit aus deenen Länner.

Den Code pénal zu Lëtzebuerg gesäit Strofen fir géint den „Trafic illicite des migrants" (Kapitel VI-II. vum Code pénal, Artikel 382-4 an 382-5).

D'Lutte géint Passeuren kann sech net ob deen reng nationalen Kontext begrenzen. Lëtzebuerg setzt sech um europäeschen Plang dofir an, dat d'Lutte géint d'Passeuren, als een vun den Elementer vum Agenda iwwert d'Migratioun, ëmgesat gëtt, zesummen mat deenen aneren Elementer aus deem Agenda, deen d'Commission proposéiert hat.

7. Wëll d'Regierung géint déi Leit virgoen, déi „verschwannen", wa si sollen rapatriéiert ginn, a wëll si géint déi Leit virgoen, déi Leit, déi solle rapatriéiert ginn, bei sech doheem ophuelen, respektiv verstoppen? Denkt d'Regierung drun, der Chamber Ännerungen am Code pénal ze proposéieren?

Léit déi net obzefannen sinn, wann se sollen rapatriéiert ginn, an déi virdrun an enger staatlecher Strukture logéiert waren, ginn net weider logéiert. Am Fall, wou déi Léit nees géingen optauchen, gëtt d'Direction de l'immigration doriwwer informéiert, fir dann iwwert déi weider Schrëtt kennen ze decidéieren, en vue vun engem Rapatriement vun deenen Léit. Dëst gëllt och fir Famillen mat Kanner, déi nees an enger Schoul ageschriwwen ginn.

Et sief och bemierkt, dat Léit, déi ënnergetaucht waren bei engem Rapatriement och ausgeschloss sinn vun där Mesure déi et Familllen mat scolariséiert Kanner ënner bestëmmten Konditiounen erlaabt zu Lëtzebuerg ze bleiwen, an déi de Moment um Instanzewee ass.

Strofen géint déi Léit, déi Persounen bei sech ophuelen fir den Rapatriement ze evitéieren, sinn de Moment net virgesin.

8. Wat mecht d'Regierung, wa Kanner vu Leit, déi illégal am Land sinn a „verschwonne" sinn, an eise Schoulen opdauchen? Wëll si aktiv d'Eltere sichen, fir d'Gesetz oder Geriichtsuerteeler ze respektéieren an ëmzesetzen oder toleréiert si d'Emgoen vun eise Gesetzer oder vu Geriichtsuerteeler doduerch, datt sou Leit net vun der Police gesicht a rapatriéiert ginn?

Zu Lëtzebuerg hunn mer eng Obligatioun scolaire, déi fir all Kand gëllt, och fir Kanner deenen hir administrativ Situatioun net geregelt ass. All Kanner am Alter vun der Obligatioun scolaire mussen sech also an enger Schoul aschreiwen, an all déi aner Kanner kënnen dat maachen.

D'Direction de l'immigration gëtt normalerweis informéiert, wann sech een Kand an enger Schoul aschreift, dat virdrun verschwonnen war, an kann dann iwwert déi wieder Schrëtt decidéieren.

9. Wëll d'Regierung d'Prozeduren am Asylrecht zäitlech oder instanzeméisseg kierzen? Wat wëll si besonnesch am Fall vu Leit maachen, déi aus sëcheren Drëttlanner kommen?

Am Projet de loi iwwert dat neit Asylgesetz ass virgesin, dat déi normal Asylprozedur am Regelfall maximal 6 Méint daueren soll bis eng Décisioun um Niveau vum Ministère geholl gëtt. Fir dat den Ministère dësen Délai anhalen kann, huet d'Regierung decidéiert deen zoustännegen Service an der Direction de l'immigration mat zousätzlechem Personal ze verstäerken.

No der Décisioun vum Ministère behalen d'Léit Recht een Recours beim Tribunal administratif anzeleeën, an duerno Appel bei der Cour administrative ze maachen. D'Durée vun der Procédure contentieuse ass allerdéngs net formell limitéiert.

Niervt der « Procédure normale » gëtt et och nach d'Procédure accélérée, déi elo schonns besteet an déi am deen néien Gesetz bäibehalen gëtt. D'« Procédure accélérée » gesäit verkierzten Délai'en fir den Traitement um Niveau vum Ministère an och duerno fir d'Procédure contentieuse vir. Léit aus sécheren Heemechtslänner kënnen ënnert dës Procédure accélérée falen.

10. Wëll d'Regierung verhënneren, dat no enger, fir dee Betreffenden negativer Asylprozedur, den direkt no engem Uerteel an zweeter Instanz nach aner juristesch oder administrativ Prozeduren entaméiert, mat dem eenzegen Zil, fir esou laang wéi méiglech kënnen hei am Land ze bleiwen och wann erwisenermoosen keen Asylgrond existéiert ?

D'Léit, déi vun hirer Asyldemande definitiv deboutéiert sinn, ginn encouragéiert fräiwëlleg nees an hiert Land zeréckzegoen. Sie ginn dofir alleguerten vun der Direction de l'immigration convoquéiert, an iwwert hir Situatioun informéiert. Sie kréien och Informatiounen iwwert déi verschiddenen Hëllefen am Kader vun engem Retour volontaire.

Eleng dëst Joer sin, tescht dem 1. Januar an dem 30. September, schons 589 déboutéiert Demandeurs de protection internationale zereck an hirt Heemeschtsland gangen. Dovun sin 462 Persounen freiwelleg heemgangen, an 127 am Cader vun engem forcéierten Retour.

Wann d'Léit awer nach eng nei Demande maachen, sief et eng nei Demande d'asile oder eng aner Demande, dann muss déi Demande traitéiert ginn. Sou laang ginn d'Léit net rapatriéiert. Sou Demanden ginn méiglechst séier traitéiert. Anescht wéi bei engem Recours géint een Refus vun enger éischter Demande d'asile, sinn méiglech Recours'en géint Refus vun néien Asyldemanden oder soss Demanden och net suspensif.

D'Méiglechkeet fir Léit déi eng Décisioun de retour hunn, sou wéi dat bei den deboutéierten Demandeur de protection internationale de Fall ass, eng Demande kënnen ze stellen, wann et een Empêchement vun Eloignement gëtt, ass iwwregens explizit am der Directive „retours" virgesin. Et ass also net méiglech den Léit sou eng Demande ze verwieren.

11. Wëll d'Regierung d'"assistance judiciaire" an engem Sënn reforméieren, fir datt de Mëssbrauch an déi kënschtiech Verlangerung vu Prozeduren kann efficace ageschrankt ginn? Wëll d'Regierung sech dobai um Virbild vun aneren EU-Staaten orientéieren?

An der Directive 2013/32 iwwert d'Asylprozedur sinn Limitatiounen vun der Assistance judiciaire virgesin, déi d'Regierung am Gesetzesvirschlag n° 6779 iwwerholl huet. Soumat gëtt d'Assistance judiciaire ob d'Asylprozedur limitéiert.

12. Wat wëll d'Regierung maachen fir ze garantéieren, dat d'Invocatioun vu „medizinesche Grënn" fir eng Openthaltsverlangerung ze erreechen net kann zu engem neie Asylmëssbrauchsschema féieren? Wéivill dar Demande gëtt et a wéi gi si kontrolléiert? Wéi huet sech Zuel vun esou Demanden an dene leschten zwee Joer entwéckelt? Wéivill Dokteren sinn disponibel fir sou Prozeduren ze begleeden an ze kontrolléieren?

Eng Persoun aus engem Drëttstaat, déi duerch eng „Décision de retour" obligéiert ass, Lëtzebuerg ze verloossen, kann, ënner verschiddenen Konditiounen een „Sursis à l'éloignement" wéinst medizinesche Grënn accordéiert kréien. Dëst gëllt och fir Léit, déi vun hirer Asyldemande definitiv deboutéiert sinn, an déi domatten eng „Décision de retour" hunn.

Den Sursis à l'éloignement ass geduecht fir Léit, déi an hirem Heemechtsland net déi néideg medizinesch Soin kënnen kréien fir hier Pathologie an et doduerch nohalteg zu enger signifikativer Verschlechterung vun hirem Gesondheetszoustand kommen kéint am Fall vun engem Retour. D'Demanden fir sou een Sursis ginn un den Immigratiounsminister gestallt an ginn prioritär traitéiert. Deen leet se dann wieder un den Ministère de la Santé, wou déi medizinesch Konditiounen vun engem Dokter iwwerpréift ginn. Ob Basis vun deem Avis hellt dann den Immigratiounsminister seng Décisioun. Den Sursis à l'éloignement ass begrenzt an der Zäit, an bei all Demande ob eng Verlängerung gëtt d'Situatioun vun der concernéierter Persoun nei iwwerpréift duerch e néien Avis vum Dokter.

Am Joer 2014 kruten 155 Persounen eng éischten Kéier een „Sursis à l'éloignement" accordéiert, an 146 kruten een Prolongement vun hirem Sursis accordéiert. Am Joer 2015 kruten bis elo 47 Léit eng éischte Kéier een Sursis accordéiert, an 52 Léit kruten hiren Sursis verlängert.

13. Kann d'Regierung garantéieren, datt si zu kengem Zaitpunkt un eng obligatoresch Ennerbréngung vu Migranten oder «demandeurs d'asile" bei Privatleit oder an eidele, private Wunnéngen denkt, elo net an och net bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod?

D'Regierung ass frou iwwert dat solidarescht Engagement vun den Leit déi hei am Land unerkannten Flüchtlingen wëllen ophuelen. Déi Ënnerbréngung kann just op fräiwëlleger Basis bestoen an och eréischt nodeems d'privat Leit d'Flüchtlingen kenne geléiert hunn an si e Gefill kruten ween si béi

sech ophuelen wäerten. D'Initiativ soll am beschte Fall vun den Flüchtlingen ausgoen, nodeems si schonn Kontakt mat de Leit geschloss hunn.

D'Regierung garantéiert dofir dass dës sozial Initiativ vun den Bierger hei am Land op fräiwëlleger Basis berouen bleift. Och wann des Mesure wäert dozou bäidroen déi bestoende Strukturen punktuell ze entlaaschten, sou brauch d'Regierung virun allem grouss Opfaangstrukturen déi en adequaten Accueil an Encadrement erlaben.

14. Wéi gedenkt Lëtzebuerg ze reagéieren, wann et mat polygame Fluchtlinge konfrontéiert ass, sief et, datt déi ganz Grupp hei zësummen ukënnt oder wa spéider, eventuell unerkannten Asylanten, all hir Fraen wéilten nokomme loossen? Ass Lëtzebuerg bereed polygam Liewensgemeinschaften an domat méi wéi ee Conjoint unzeerkennen? Gëtt et scho sou Fall?

Den Code civil limitéiert Liewensgemeinschaften ausdrécklech op zwou Persounen. Dofir ass et selbstverständlech, dat et net méiglech ass zu Lëtzebuerg bigam respektiv polygam Relatiounen anzegoen respektiv unzeerkennen. Den Code pénal gesäit ausdrécklech d'Bestrofung vir.

Am Immigratiounsgesetz ass och festgehalen, am Kader vun den Regelen iwwert den Regroupement familial, déi sech och ob unerkannten Flüchtlingen bezéien, dat polygame Relatiounen net acceptéiert ginn.

15. Wat fir eng Prozeduren si virgesinn, wa Leit ouni Pabeieren hei am Land ukommen? Wat geschitt mat Leit déi gefälschte Pabeiere weisen, zum Beispill gefälschte syresch Pass?

An villen Fäll vun d'Léit, déi eng Asyldemande stellen, keng Pabéiern bei sech. An deem Fall gëtt probéiert hir Identitéit iwwert aner Wee'er ze klären. Am Kader vun der Asylprozedur ass den Demandeur och obligéiert all néideg Informatiounen matzedeelen fiir dat seng Identitéit kann gekläert ginn. Besteet den Verdacht, dat d'Dokumenter, déi den Demandeur presentéiert gefälscht sinn, dann gëtt eng Expertise bei der Police grand-ducale gefrot.

16. Wat mecht Lëtzebuerg bei sougenannten „mineurs non accompagnés", bei denen awer medizinesch oder aner berechtegt Zweifel existéieren, datt si iwwerhaapt nach mannerjähreg sinn?

D'Asylgesetz gëtt d'Méiglechkeet am Fall vun Zweiwel un der Minoritéit vun engem Jonken eng medizinesch Iwwerpréiwung ze maachen.

D'Prozedur, déi an sou Fäll applizéiert gëtt, ass zesummen mat Dokteren ausgeschafft gouf. Sie besteet aus engem Röntgen vun der Hand an, falls dann nach een Zweiwel besteet, weideren Tester, wéi enger Röntgen vum Schlësselbeen an vum Gebëss an engem Examen physique duerch een spezialiséierten Dokter.

17. Wéi eng Konsequenzen wëll d'Regierung géintiwwer dene Lanner huelen, déi hir eege Staatsbierger net wëllen zréck areese loossen, wa si hei keen Asyl kréien?

Als éischt mol wär ze betounen, dat d'Zesummenaarbecht mat deenen meeschten Länner bei den Retouren ganz gutt ass. Dëst gëllt an éischter Linn fir déi Länner aus deenen bis elo d'Majoritéit vun den oofgelehnten Demandeurs komm sinn, nämlech den Balkanlänner.

Bei aneren Länner ass d'Zesummenaarbecht net ëmmer sou einfach, dëst kann awer ganz verschidden Ursaachen hunn.

Fir Problemer am administrativen Beräich ze evitéieren, probéiert déi fir Retouren zoustänneg Instanz, Direction de l'immigration vum Ausseministère, regelméisseg Kontakt mat den konsulareschen Vertriedungen vun den Heemechtslänner vun den Léit, déi sollen heemgefouert ginn, ze hunn.

D'Effort'en vu Lëtzebuerg d'Zesummenaarbecht mat den Heemechtslänner ze verbesseren ginn iwwert deen reng nationalen Niveau raus. Lëtzebuerg schafft an dësem Kontext mat deenen aneren europäeschen Länner zesummen.

D'Accords de réadmission, déi d'UE mat verschiddenen Staaten aushandele, ginn kompletéiert vun Protocole d'application, déi Lëtzebuerg am Kader vum Benelux mat deenen betreffenden Länner ausgehandelt.

D'Conférence vu La Valetta mat deenen afrikaneschen Staaten ass een Beispill dofir, dat déi Froen vum Retour all d'Memberstaten concernéieren.

Och an dësem Beräich ass d'Promotioun vum Retour volontaire eng wichteg Mesure.

18. *Wéi eng Konsequenzen wëll Lëtzebuerg géint iwwer dene Lanner huelen, denen hir* Ambassaden bei der Identifizéierung vun hire méigleche Staatsbierger net a vollem Emfang mat schaffen?

Hei gëllen déi selwecht Aussoen wéi bei der Fro virdrun.

19. Wéivill Leit sinn am Ableck nach a Strukturen vum OLAI oder op anere Plazen hei am Land ënnerbruecht, denen hir Asylprozedur schon ofgeschloss ass an déi aiso mussen d'Land verloossen? Wéini ginn déi Leit rapatriéiert?

Momentan sinn 2.270 Leit an den Strukturen vum OLAI ënnerbruecht; dovunner sinn eppes méi wéi 600 Demandeurs de protection internationale, deenen hir Asylprozedur ofgeschloss ass an déi de Statut net kritt hunn.

Bei dienen 600 Persounen sin och Léit, déi de Moment net kënnen heemgefouert gin, well sie een „Sursis à l'éloignement" aus medezineschen Grënn oder een „Report d'éloignement" hun.

Wéini déi Léit, déi rapatriabel sin, heemgefouert kennen ginn, hänkt vun verschiddenen Facteuren of. Hei spillt eng Roll, ob d'Persoun, déi rapatriéiert soll ginn, een valabelt Reesdokument huet oder ob d'Ambassade vum Heemechtsland muss sollicitéiert ginn, fir een Dokument auszestellen. Et hänkt och dervun of an wéi een Land d'Léit zeréckgefouert ginn. Wann d'Réckféierung an d'Balkanlänner verhältnisméisseg einfach ze organiséieren ass, dann ass dat bei verschiddenen aneren Länner net ëmmer den Fall.